# Redaktiounskonzept

## 1. Kontext

D'Redaktiounskonzept definéiert déi deontologesch a journalistesch Standarde fir all d'Mataarbechter:inne vum MSP 100,7, déi um Radio oder op den digitale Kanäl vum 100,7 Contenu produzéieren. Domat garantéiert de Service Public séngen Nolauschter:innen a Lieser:innen eng kohärent a fiabel Informatioun.

D'Redaktiounskonzept ass komplementar zu e.a. dësen Texter:

- Gesetz vum 12. August 2022 iwwert de „Média de service public 100,7"
- Konventioun vum 31. August 2022, déi d'Engagementer vum Sender fir d'Joren 2024-2030 festhält an de staatleche Finanzement garantéiert
- Deontologiekodex vum Presserot
- Redaktiounsstatut, deen d'Rechter an d'Pflichte vun de Journalist:innen sou wéi déi intern editorial Kompetenze vun der Chefredaktioun a vun der Direktioun reegelt

D'Redaktiounskonzept ass ëffentlech, well de Public d'Redaktioun un hire Standarde soll kënne moossen.

## 2. Grondprinzipien

D'Haaptmissioun vun der Redaktioun vum Service Public zu Lëtzebuerg ass et, déi relevant Aktualitéit aus alle Beräicher enk ze suivéiere fir de Public onofhängeg vu kommerziellen an aneren Interessie beschtméiglech z'informéieren.

D'Berichterstattung ass sou neutral an objektiv wéi méiglech, no beschtem Wëssen a Gewëssen.

Mir informéieren eis Nolauschterer esou séier wéi méiglech, awer net iwwerstierzt. D'Vitesse vun der Informatioun ass manner wichteg wéi d'Richtegkeet vun der Informatioun. Soubal d'Informatioun fäerdeg recherchéiert ass, ka si op den digitale Kanäl vum 100,7 publizéiert ginn, och wann d'Diffusioun um Radio réischt méi spéit geplangt ass.

Mir sinn onofhängeg par rapport zu Politik, Wirtschaft, Gewerkschaften oder Associatiounen. Mir loossen eis net vu baussen diktéiere, wéi eng Sujete mir wéi couvréieren a wéi eng net. Mir si virsiichteg par rapport zu all Form vu Lobbyismus. Partenariater a kommerziell Accorde mam MSP 100,7 hu keen Afloss op d'Couverture vun der Aktualitéit. De Programm an d'Onlineoffer vum MSP 100,7 si fräi vu Werbung. Dem Gesetz no dierfe Programmdeeler, mat Ausnam vu Kannerprogrammer, ënner Konditioune parrainéiert ginn. En eventuelle Parrainage huet keen Afloss op d'Programmatioun oder den editorialen Traitement. E Parrainage muss kloer gekennzeechent sinn.

An Zäite vun enger ganz grousser Offer un Informatioune guidéiere mir eis Nolauschterer. Mir soe wéi eng Sujeten an eisen Ae wichteg sinn a firwat. Dat bedeit, datt Informatioune mussen an hire Kontext gesat ginn. Nieft de Fakte bidde mir den Nolauschterer also och eng Analys an Anuerdnung. Analys ass net Kommentar.

D'Aktualitéit gëtt och kommentéiert, mee dat an enger strikter Trennung zu faktuelle Bäiträg. Dofir si Kommentare vu Journaliste perséinlech a ginn op der Antenn an um Internet kloer als Meenungsbäitrag affichéiert. D'Meenung vum Journalist dierf an der faktueller Couverture vun der Aktualitéit keng Roll spillen.

D'Informatioun gëtt an engem sachlechen an net an engem satireschen Toun presentéiert.

Mir lafen der Aktualitéit net just hannendrun. Mir couvréieren d'Aktualitéit net just, mee bestëmme se mat. D'Recherche vun Informatiounen, déi ouni d'Press net géifen ëffentlech ginn, ass eng wichteg Aufgab vum Journalismus.

Och investigative Journalismus orientéiert sech un de Krittäre vun Onofhängegkeet, Sériositéit a Kredibilitéit.

Mat eise Bäiträg fërdere mir déi ëffentlech Debatt zu Lëtzebuerg. Acteuren aus ville Beräicher kommen zu Wuert a kënnen d'Debatt domat weider entwéckelen.

D'Diversitéit ass wichteg: Lëtzebuerg ass e Land mat ville Facetten. D'Couverture vun der Aktualitéit limitéiert sech dofir net just op déi institutionell Aktualitéit (Regierung, Chamber, Geriichter, Kulturhaiser a sou weider).

# 3. Mir suergen am Alldag dofir, datt de Public eis ka vertrauen

## Qualitéitsmanagement

D'Sujeten, déi an der Déift behandelt ginn, ginn an der Ekipp, ënnert der Leedung vun de Responsabelen, diskutéiert an ausgewielt.

Sou wäit wéi den Zäitdrock et zouléisst, applizéiere mir de Véier-Aen-Prinzip. Dobäi geet et ëm e kritescht Géigeliese fir d'Qualitéit vum Text ze kontrolléieren. Dat ass wichteg, fir ënnert anerem faktesch Feeler an eise Bäiträg z'evitéieren. Bei sensibelen Informatiounen/Quellen, informéieren d'Redakteren aktiv hir Hiérarchie.

Déi jeeweileg Coordinateuren a Cheffe vum Déngscht sinn am Prinzip zoustänneg fir d'Texter z'iwwerliesen, dem Auteur Feedback ze ginn, respektiv fir eventuell Korrekturen ze proposéieren.

An eiser Redaktioun liewe mir eng oppe Feedbackkultur: Mir schafe Raum fir gezilte Feedback mat klore Reegelen.

## Ëmgank mat Sourcen

D'Sourcë ginn iwwerpréift, wa méiglech beim Numm genannt oder sou prezis wéi méiglech beschriwwen. Fir Informatiounen, déi een net selwer iwwerpréiwe kann, siche mir no op d'mannst zwou deckungsgläiche Sourcen, déi e verschiddenenen Hannergrond hunn a verschidden Interesse vertrieden.

Quelleschutz ass fir eis net negociabel: Eis Journaliste schwätze baussent dem MSP 100,7 net iwwert hir Kontakter, iwwert de Verlaf vun hiren Enquêten oder soss Interna. Quellen, déi net wëlle genannt ginn, gi virun der Diffusioun vum Bäitrag gefrot, ob si net wëllen zitéiert ginn, respektiiv wéi si kënne prezis beschriwwe ginn, ouni datt hir Identitéit kann oppe gueluecht ginn oder si a Gefoor bruecht ginn. Sou wäit wéi méiglech nenne mir d'Grënn, wisou eis Sourcë wëllen anonym bleiwen. Wa mir Interviewe mat Leit ophuelen, informéiere mir si soubal d'Opnam leeft.

Mir sinn transparent, wat eis Quelle betrëfft. Mir eegenen eis net anere Medien oder Publikatiounen oder Leit hir Texter, Formuléierungen oder Ausféierungen un a stelle si als eis Produkter duer.

- En Zitat (oder en O-Toun) attribuéiere mir obligatoresch senger Source.
- Mir bezuelen zwou Presseagencen (AFP an DPA), där hirt Material mir ouni ze zitéiere benotzen dierfen. Trotzdem iwwerhuele mir net eent zu eent hir Texter, mee baséieren eis op esou vill Sourcë wéi méiglech. Wann eng Presseagence Exklusivitéiten huet oder wa si Informatioune mellen, déi nach net confirméiert sinn, zitéiere mir si.
- D'Ausféiereungen a Meenungsbäiträg (Chronik, Kommentar, Rezensiounen) mussen déi eege Meenung vum Auteur erëmspiggelen. Wie sech als Illustratioun op aner Meenungsbäiträg berifft, muss déi zitéieren. E Meenungsbäitrag dierf kee Collage vun externe Meenungsbäiträg sinn.
- Mir zitéieren aner Medien, wa mir hir Exklusivinformatiounen opgräifen - och wa mir an der Suite déi selwecht Informatioune vun eegene Sourcë confirméiert kréien. Am Online-Artikel gëtt den Originalartikel, sou wäit wéi méiglech, verlinkt.

## Feelerkultur

Wann d'Redaktioun e Feeler mécht, redresséiert si deen esou séier wéi méiglech op der selwechter Plaz an/oder dem selwechte Kanal. An engem Online-Artikel gëtt déi nodréiglech Korrektur vun engem inhaltleche Feeler kenntlech gemaach.

Eise Public ka vermeintlech Feeler oder vermeintlech Verstéiss géint editorial Prinzipie vum Sender mat enger Email u feedback@100komma7.lu mellen. Dorop gëtt et bannent kuerzer Zäit eng argumentéiert Äntwert vum zoustännege Responsablen. Wann e Redaktiounsmember wärend senger Aarbecht direkt mat Complaintë wéinst senger Aarbecht confrontéiert gëtt, deelt en dat senger Hiérarchie bannent kuerzer Zäit mat.

An Zäite vun internationalem Drock op d'Pressefräiheet ass d'Sécherheet vun eise Mataarbechter eis wichteg: Wa Journaliste wärend hirer Aarbecht menacéiert ginn, wäerte mir aktiv dogéint virgoen. Complaintë wéinst eventuelle Feeler vun eise Mataarbechter si via Mail u feedback@100komma7.lu z'adresséieren.

## Interessekonflikter evitéieren

Et muss ëmmer kloer sinn, dass mir am Numm vum MSP 100,7 an am Kader vu senger mission de service public schwätzen. Duerfir musse mir Interessekonflikter vermeiden.

Beispiller vun Interessekonflikter:

- E Journalist oder eng Journalistin kann net e Reportage iwwer en ëmstriddene PAG maachen, wann Ännerungen an deem PAG hirer/senger Famill zu gutt kommen.
- E Redaktiounsmember oder fräie Mataarbechter, dee bei politesche Wale kandidéiert, kann net ouni Aschränkungen normal weider an der Redaktioun schaffen.
- E Redaktiounsmember oder fräie Mataarbechter, deen a senger Fräizäit (oder an sengem Haaptberuff) an enger Band oder engem Orchester Musek mécht, oder kënschtleresch aktiv ass, kann net a senger eegener Sendung CDen oder Concerte vun dëser Band présentéieren oder sech selwer interviewen; et kann een och net iwwer seng eegen Ausstellung oder déi vun engem Familiemember rapportéieren. Mir schaffe fir de Public an net fir eis eegen Agenda.

Wann esou Situatioune sech presentéieren, soen déi concernéiert Mataarbecht:innen hirer Hiérarchie esou séier wéi méiglech, also virun der eventueller Realisatioun vum Sujet, Bescheed. D'Hiérarchie decidéiert wéi mir den Interessekonflikt geréieren. Dobäi gëtt analyséiert, ob et en Intressekonflikt duerch eng materiell oder soss eng Ofhängegkeet gëtt, oder ob et vu bausse kann d'Perceptioun vun engem Interessekonflikt ginn, ënnert där d'Kredibilitéit vun eiser Aarbecht leide kéint. Als Mesure kann de Sujet zum Beispill engem anere Member vun der Redaktioun iwwerdroe ginn.

## Identifizéiere vun den involvéierte Parteien a juristeschen Affären

Fir d'Privatsphär ze schützen, nenne mir am Prinzip keng Nimm a publizéiere keng Fotoe vun den involvéierte Parteien a juristeschen Affären. Handelt et sech awer ëm ëffentlech Persounen oder ginn et soss gutt Grënn fir d'Persounen z'identifizéieren, gëtt dat mat der Chefredaktioun diskutéiert an decidéiert. D'Decisioun gëtt der ganzer Ekipp matgedeelt a konsequent bis un d'Enn vun der Affären deementspriechend ëmgesat.

Et gëtt e Prezedenzfall: D'Commission des plaintes vum Conseil de Presse huet den 23. Februar 2017 decidéiert, datt et net justifiéiert war op paperjam.lu déi ganz Nimm vun den Ugekloten am School Leaks-Prozess ze publizéieren.

De Code de Deontologie vum Presserot seet, datt d'Press jidderengem seng Privatsphär respektéiert.

Mee bei lafende Geriichtsprozesser ginn et Ausnamen, an deenen den Interêt public iwwert dem Schutz vun der Privatsphär steet:

- Handelt et sech em ëffentlech Persounen?
- Kritt d'Persoun besonnesch grave Faite reprochéiert?
- Geet vun de Persounen eng Gefor aus?
- Ginn et besonnesch grouss Debatten iwwer d'Affär?
- Bréngt d'Identifikatioun vun den Ugekloten eng Plus-Value fir de Rescht vun den Informatiounen?

D'Commission des plaintes hält fest, datt een den Numm nenne soll oder souguer nenne muss, wann déi viséiert Persoun en ëffentlecht Mandat huet oder eng leedend Funktioun.

Am School Leaks-Prozess wier dat net de Fall gewiescht, an et géifen net genuch Grënn gi fir d'Nimm ze nennen. Dofir huet Paperjam.lu den Numm duerch d'Initialen mussen ersetzen an d'Fotoen onkenntlech maachen.

## Extern Moderatiounen

Moderatioune vun ëffentleche Ronndëschgespréicher an Interviewen, déi net vum MSP 100,7 organiséiert ginn, musse vun der Chefredaktioun an/oder Direktioun accordéiert ginn. Et muss gekläert sinn, ob dës Moderatiounen am Numm vum 100,7 gemaach ginn oder privat.

- Ass den MSP 100,7 Mediepartner vum externen Evenement, gëtt d'Moderatioun am Prinzip am Numm vum MSP 100,7 gemaach a soll och esou affichéiert ginn. D'Moderatioun gëtt an eisen Agenda agedroen. Et gëtt am Virfeld gekläert, wéi vill Zäit fir d'Virbereedung a fir d'Moderatioun néideg ass.
- Ass den MSP 100,7 net Mediepartner vum externen Evenement, gëtt d'Moderatioun am Prinzip baussent den Aarbechtszäite preparéiert a realiséiert a kann och vum Organisateur remuneréiert ginn.

## Social Media

D'Mataarbechter:inne vum MSP 100,7 applizéieren op den 100,7-Accounten op de soziale Reseauen déi selwecht professionell Reegele wéi um Radio an um Internetsite.

Och op hire privaten Accounte publizéieren d'Mataarbechter:innen näischt, wat dem Image vum 100,7 schued. D'Journalisten a Journalistinne ginn och op hire privaten Accounte mam 100,7 associéiert. Dofir publizéiere si bei Sujete vun ëffentlechem Interessi näischt, wat si net och op de Kanäl vum 100,7 kéinte vertrieden.

D'Mataarbechter:inne benotzen déi sozial Reseauen net, fir Interna vum 100,7 oder Aktivitéite vun Aarbechtskolleegen a –kolleeginnen ze devoiléieren oder ze kommentéieren.

# 4. Informatiounsvermëttlung: Am Déngscht vun de Bierger:innen

## Eng Sprooch, déi ee versteet

D'Informatiounsvermëttlung ass fir den MSP 100,7 ganz wichteg. D'Messagë solle kloer a verständlech formuléiert sinn. Mir évitéieren: laang Sätz, Schachtelsätz, onverständlech Fachbegrëffer, eidel Wierder oder Sätz déi näischt heeschen, Adjektiver déi näischt bréngen.

D'Journaliste soignéieren hir Texter fir d'Antenn a fir déi digital Kanäl.

## Déi wichteg Sujeten am Mëttelpunkt: Den Noriichten- an Informatiounswäert

Mir informéieren iwwer d'Aktualitéit an alle méiglech Beräicher, dorënner Politik, Wirtschaft, Gesellschaft, Kultur, Wëssenschaft a Sport.

D'Reiefolleg vun de Sujeten an enger Noriichteneditioun ass en Indicateur fir d'Wichtegkeet vun den eenzelnen Noriichten. Beim Opbau vun enger Noriichteneditioun, stelle mir eis pro Sujet eng Partie Froe fir erauszefannen, wéi eng Prioritéit mir dem Sujet ginn. Et gëtt deemno keng <u>automatesch a banal</u> Reiefolleg vun de Sujeten nom Motto fir d'éischt national – international – Kultur – Sport.

Wéi grouss ass den Noriichtewäert a wéi grouss ass den Informatiounswäert?

Den Noriichtewäert setzt sech zesummen aus:

1) <u>Aktualitéit</u>: Wat méi rezent, wat den Noriichtewäert méi grouss ass
2) <u>Nouveautéit</u>: Wéi ongewéinlech ass d'Informatioun?

   Bsp.: En Zuch, dee fir d'éischte Kéier zënter zéng Joer pénktlech ass, ass eng Nouveautéit. En Zuch, deen haut pénktlech war, sou wéi déi zéng Joer virdrun och, ass keng Nouveautéit.
3) <u>Impakt</u>: Wéivill Leit si betraff? Wéivill ännert sech duerch dës Entwécklung?

   Bsp.: Wann en neit Gesetz d'Kannergeld vun 265 Euro op 266 Euro héicht, ass den Impakt vill méi kleng wéi wann d'Kannergeld verduebelt gëtt.
4) <u>Proximitéit</u>: Wéi no ass d'Evenement? Wéi no fillen d'Nolauschterer sech mam Sujet verbonnen? (Proximitéit ass net just geografesch ze verstoen, mee kann och duerch kulturell Lienen oder aner Gemeinsamkeeten entstoen.)
5) <u>Konflikt</u>: Ginn et ënnerschiddlech Positiounen? Gëtt gestridden? Eskaléiert eng Konfrontatioun? (Dat geet vu politeschem Sträit bis bei Krich.)

Den Informatiounswäert setzt sech zesummen aus:

1) <u>Wëssens- an Orientéierungswäert</u>: Wat ass wichteg ze wëssen, fir déi gesellschaftlech, politesch, wirtschaftlech, sozial a kulturell Entwécklungen ze verstoen?

(Dat ass subjektiv a gëtt dofir regelméisseg an de Redaktiounskonferenzen diskutéiert. Richtungsweisend ass den ëffentlech-rechtlechen Optrag: Den MSP 100,7 theematiséiert och Sujeten/Anglen, déi manner Noriichtewäert hunn, mee dofir méi Wëssens- an Orientéierungswäert.)

2) Notzwäert: prakteschen Notze fir eis Nolauschterer

D'Äntwerten op déi Froen determinéieren den Opbau. Beispiller: Wann e Lëtzebuerger Film en Oscar kritt, kann dat den Opmaacher sinn. Wa Griicheland nei europäesch Hëllefsgelder refuséiert kritt, kann dat den Opmaacher sinn. Wann zu Lëtzebuerg zwou Persounen erschoss ginn, kann dat och den Opmaacher sinn.

Am Zweifelsfall diskutéiert den Noriichtepresentateur viru Panorama/Noriichten mat der Chefredaktioun a mat de Kollegen aus der Noriichteredaktioun iwwer den Opbau.

Den MSP 100,7 couvréiert Fait Diverse just, wa se méi ee breeden Impakt hunn a mécht seng Noriichten net op mat engem „Dealer", dee mat engem Gramm Marihuana erwëscht gouf, mat engem geklautenen Auto oder mat engem Sträit an engem Bistro ouni weider Konsequenzen.

Och wann d'Proximitéit net den eenzegen an net de wichtegste Krittär ass, gëtt déi national, regional a kommunal Aktualitéit kohärent couvréiert.

Kee vun de Sujeten an eisen Noriichte gëtt als „mannerwäerteg" ugesinn. Och e Sujet, deen op zéngter Plaz a Panorama kënnt, ass wichteg genuch, well soss géif e guer net theematiséiert ginn. Dat heescht, d'Qualitéit vum Text a vum Inhalt vun all Meldung/Sujet gëtt soignéiert.